



### Aktivitéiten am Mount Mee

**16. Mee** • Jugendpräis 2019  
**17. Mee** • Lëtzt' Step to Fairtrade  
**18. Mee** • Snapchatworkshop

**25. Mee** • Stadrallye  
**29. Mee** • Ouverture vun der Fotosausstellung



### Aqualand Köln

Fir d'regional Aktivitéit am Abrëll haten déi Jonk aus dem Jugendtreff Norden d'Méiglechkeet, iwwer verschidde sozial Netzwierker, ze decidéieren, wou den Ausflug an der Ouschtervakanz sollt higoen. D'Entscheidung ass ganz knapp op d'Aqualand zu Köln gefall. Besonnesch déi grouss Auswiel un ënnerschiddleche Rutschbahnen hat et deene Jonken ugedoen an d'Zäit an der Schwämm ass nëmmen esou verflunn. Laut den Aussoe vun de Jonken een Ausflug, deen onbedéngt nach eng Kéier widderholl muss ginn.



### Abschiedsiessen vum Sarah

No enger kuerzer awer ganz flotter, gemeinsamer Zäit verléisst d'Sarah erëm de Jugendtreff Norden. Als Merci fir dës flott Zäit haten sech déi Jonk aus den Haiser Ëlwen, Clierf an Housen zu Clierf am Jugendhaus zesummefonnt a bei engem gemeinsamen lessen op déi vergaangen Méint zrëckgekuckt. Trotz trauregem Ulass ass deen Owend awer ganz vill gelaacht a sech gutt amuséiert ginn.

Mir soen dem Sarah villmools Merci fir déi schéi Momenter, déi mir mat him verbränge konnten a wënschen him fir d'Zukunft nëmmen dat Besch. Gläichzäiteg begrësse mir awer och den Andy bei äis am Team.



### Grouss Botz an de Gemengen

Och dëst Joer huet sech de Jugendtreff Norden erëm un de Botzaktiounen an de Gemenge bedeelegt. Präsent waren déi Jonk zesumme mat hiren Educateuren an de Gemenge Parc Housen an Ëlwen. Aus Zäitgrënn war et net méiglech nach a weidere Gemengen ze hëllefen. Wéi der Foto z'enthuelen ass, huet de Spaassfaktor trotz Aarbecht net gefeelt. De Jonken, déi un de Botzaktiounen bedeelegt waren ee grouse Merci fir hiren Asaz fir eng propper Gemeng.

